N°2759
Entrée le 13.08.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n°2759 vum 8. August 2025 vun den honorabelen Députéierten Mars di Bartolomeo an Dan Biancalana zum Sujet "Avancement du projet de règlement national de construction".**

**Wéi wäit ass dëse Projet, 4 Méint virum Enn vum Joer 2025, fortgeschratt?**

Bis *dato* goufen et 27 Aarbechtssëtzungen déi interministériel an mat Membere vum Syvicol besat sinn. D'Aarbechte komme gutt viru mee d'Envergure vum Projet ass an Tëschenzäit op prozedural (z.B. wat de Brandschutz ugeet) an inhaltlech Froen ausgeweit ginn (z.B. am Beräich vun der erneierbarer Energie). Aus dëse Grënn wäerten d'Aarbechten viraussichtlech eréischt am éischte Semester vum Joer 2026 kennen ofgeschloss ginn, eng Zäit déi genotzt gëtt fir nach méi Vereinfachungen an dem Beräich kënnen ze diskutéieren an ëmzesetzen.

**Wäert dee vum Premier ugekënnegten Termin nach agehale kënne ginn? Wéini wäert dat neit Standard-Bautereglement beschtefalls a Kraaft trieden?**

D'Akraafttriede vum neie Bautereglement ass ofhängeg vum Verlaf vun der legislativer an der reglementarescher Prozedur. Deemno ass et net méiglech e kloren Datum diesbezüglech ze nennen.

**Gëtt et um Niveau vum Inhalt vum kommende Standard-Bautereglement en iwwergräifende Konsens tëscht de Gemengen?**

Wéi den Här Biancalana als Vize-President vum Syvicol sécherlech weess, huet de Syvicol op Ufro vum Inneministère Vertrieder aus ënnerschiddleche Gemengen an déi genannten Aarbechtsgruppe geschéckt, ebe grad fir ze garantéieren dass dat neit Reglement fir all d'Gemengen duerno praktikabel ass.

**Wéi een Spillraum wäerten d'Gemengen behalen, fir „urbanistescht Detailer" - wéi de Premier dat ausgedréckt hat - ze définéiren ?**

Beim neie Bautereglement geet et virun allem em d'Securitéit, d'Durabilitéit, an d'Commoditéit vun de Konstruktiounen. Urbanistesch Dispositiounen, wéi, d'Bauhéicht oder d'Distanze vun enger Konstruktioun zu den Nopeschterraine ginn nach ëmmer vun den Deelbebauungspläng (PAP) definéiert wou d'Gemengenautonomie genau sou wéi bis elo wäert weider funktionéieren. Dat hu mir an enger Sëtzung den 6. Mee 2025 mam Comité vum Syvicol, wou den Här Biancalana, als Vize-President vum Syvicol jo och Delegéierten ass, nach emol ënnerstrach.

Lëtzebuerg, den 12.08.2025.
Den Inneminister,
(s.) Léon Gloden